

Luxembourg, le 15 décembre 2022

Dem Nathalie Oberweis seng Ried zum Budget 2022

Här President,

Dëse Budget 2022 ass e Budget vum politesche Stëllstand.

E setzt keng nei Akzenter, en huet keng Ambitioun a virun allem geet en déi grouss Défi'en net un, mat deenen eis Gesellschaft konfrontéiert ass.

Fir eis als Lénk ginn et dräi zentral politesch Erausforderungen, op déi mer ganz schnell Äntwerte brauchen: Eischtens, déi vun der sozialer Gerechtegkeet, der Bekämpfung vun der Aarmutt, den Inégalitëiten an der sozialer Exklusioon. Zweetens, déi vun der Logementskris an drëttens d'Erausforderungen vun der Emwältzerstéierung, dem Verloscht vun der Biodiversitéit an natierlech dem Klimawandel.

Mir hunn eng sozial Kris.

Mir hunn eng Wunnengskris.

A mir hunn eng Ëmweltekris.

Dëss 3 Krisen sinn enk matenee verbonnen. Et sinn Urgencen, déi net kënne waarden, déi mir mussen direkt an onmëttelbar ugoen. Wou all verluere Woch d'Situatioun verschlëmmert an irremédiabele Schoud verursaacht.

Dat ass fir eis den Hannergrond virun deem mir dëse Budget liesen. An esou engem Kontext vun Urgence kann an däerf d'Politik net e Joer laang am Leerlauf lafen. An trotzdeem ass et genee dat, wat hei geschitt.

Mir brauche net just e puer nei Cité'en fir de Logements-Problem an de Grëff ze kréien. Mir brauchen eng national Offensive beim Bau vun ëffentleche Wunnengen, en effektive Mieterschutz, eng radikal Bekämpfung vun der Spekulation an e kategoresche Paradigmewiessel bei der Steierpolitik an deem Beräich.

Mir brauche net just eng punktuell Erhéijung vu sozialen Hëllefem fir den Armuttsproblem an dësem Land ze léisen. Mir brauche strukturell Reformen bei der Arbechtsmaartpolitik, bei der Individual-Bestéierung, beim Mindestloun a bei de klengen Renten.

Et wäert net duergoen e puer Subventiounen a Primmen ze verdeelen, fir de Klimawandel opzehalen. Mir brauche kollektiv Äntwerten a grondlegend Changementer an eiser Art a Weis fir ze produzéieren an ze konsumméieren.

Dat ass de Grond firwat dat mir mengen, datt dës Budget net op der Héisch ass vu sénger Zäit a vun den Erausforderungen, déi sech eiser Gesellschaft stellen.

Dëss 3 Krisen si enk mateneen verbonnen a si sinn fir eis och eng Klassefro.

Grouss Deeler vun de schaffende Leit hu mat mat enger Situatioun ze kämpfen, déi hinne vun den ieweschte Klassen imposéiert gëtt. D'Beispill vum Logement weist dat op eng evident Manéier: Eng kleng Minoritéit vu Entrepreneuren, Promoteuren a Spekulanten diktéieren d'Spillregelen an hirem Sënn a schafen domadder eng Situatioun um Wunnungsmaart, déi d'Mëttelsschichten ënner Drock setzt an déi sozial schwach Schichten carrément erstéckt.

Mir kënnen net akzeptéieren, datt déi eng ëmmer méi ofgehaange ginn, während déi aner net méi wësse wou se solle hire Räichtum uléien. An eisen Aen muss déi ëffentlech Hand déi Konflikter ugoen a fir en Ausgläich tëschen de Liewensréalitéite suergen.

Mat dësem Budget mëscht d'Regierung dat net.

Här President,

Ufänke wëll ech mat der ugespaanter sozialer Situatioun an deenen dach ganz bescheiden an zaghafte Versich vun der Regierung, deem iergendeppes entgéint ze setzen.

D'Armutts-Indikateuren stagnéieren op engem ganz héije Niveau mat ronn 17% vun de Mënschen hei am Land, déi dem Armuttsrisiko an de sozialer Exklusivitéit ausgesat sinn. 2020 ass den Taux zwar net weider erop gaang, mä verschidden net-monetär Indikateuren weisen awer op eng weider Verschlechterung vun der sozialer Lag hin.

Och d'Inegalitéiten tëschen Aarm a Räich bliewe weiderhin op engem historesch héije Niveau, genee wéi den Taux vun de Working Poor - dat heescht vu Mënschen déi trotz Arbecht an der Armuttsfall gefaang sinn. Den Taux vun de Working Poor, dee bei ronn 12% léit, ass fir eis skandaléis an besonnesch bedenklech. Wann Aarbecht net méi virun Aarmutt schützt, dann ass ee gondleegend Fundament vun eiser Gesellschaft a Fro gestallt.

17% vun de Leit déi an der Aarmutt liewen oder dem Armuttsrisiko ausgesat sinn, dat si ronn 125.000 Mënschen hei am Land. 125.000 Persounen déi dagdäglech struwwelen - an zu deene ganz vill allengerzéiend Mammen oder Pappen gehéieren, an och ganz vill Kanner a Jugendlécher. An dat an engem vun deene materiell räichste Länner vun der Welt.

Et ass net akzeptabel, datt d'Politik sech domadder zefridde gëtt, den Armuttsrisiko bei 17% ze stabiliséieren. Ziel muss et sinn, den Taux esou no wéi méiglech bei 0 ze kréien an dat esou schnell wéi méiglech. Dat muss den Usproch vun eis all sinn.

Der Explosioun vun den Energiepräisser gëtt an dësem Budget net Rechnung gedroen. Do mierkt ee, wéi wäit sech dës Regierung scho vun de soziale Réalitéite am Land entfernt huet. E puer Honnert Euro méi fir Gas a Stroum ass fir ganz vill Ménagen zu Lëtzebuerg kee Klacks. Do muss een eng Reaktioun weisen a net einfach d'Schëlleren hiewen. D'Erhéijung

vun der Allocation de vie chère, déi virgesinn ass, kann dat net opfänken an dir wësst dat. Mir hunn an deem Kontext scho Fuerderungen hei am Parlament gestallt a fuerderen och weider dréngend Mesüeren vun der Regierung, fir de sozial schwache Stéit iwwert de Wanter ze hëllefen a laangfristeg der Fro vun der Energiearmutt eng Prioritéit anzeraumen.

D'Reaktioun vun der Regierung op déi sozial Situatioun résuméiert sech an e puer Einzelmesüeren: Nieft der Erhéijung vun der "Allocation de vie chère", nach d'Re-Indexéierung vum Kannergeld, sou wéi gratis lessen an de Schoukantin a gratis Maisons-Relais. Woubäi déi 2 lescht Mesüeren jo virleefeg ausgebremst sinn a wuel fréistens 2023 kommen.

Dat si punktuell Schëss aus der Héft, déi keng strukturell Problemer léisen an deenen ët doriwwer eraus och nach un Ambitioun feelt. Notamment bei der Ré-Indexéierung vum Kannergeld hu mer jo en eegene Gesetzesvorschlag déposéiert, deen eng Erhéijung vun 10% virgesäit amplaz vun deenen 2,5% déi d'Regierung plangt.

Dofir soe mir ganz kloer: Déi sozial Mesüeren vun der Regierung ginn net wäit genuch. Et gëtt een d'Gefill net lass, datt hei just e puer Bonbon'en verdeelt ginn, well d'Regierung et grad fir néideg hält, hire soziale Profil ze schärfen.

Ech wëll op dëser Plaz nach kuerz eng kleng Klammer opmaachen.

Déi Tendenz vun der Regierung - virun allem an der Familjepolitik - fir Geldleeschungen duerch Sachleeschungen z'ersetzen, verfollegt kloer d'Ziel fir d'Frontaliéren auszuschléissen. Déi Frontaliéren, déi mat hirer Aarbecht zu eisem Räichtum bäidroen, an deenen hir Wichtigkeet duerch d'Pandemie nach eng Kéier ënnerstrach gouf, déi sollen ëmmer manner dierfen un de Bénéficer Deel huelen.

Fir eis ass dat wirklech eng ganz problematesch Politik, déi wäitgräifend Konsequenzen huet. Konsequenzen op d'Kohäsioun vum Salarat, awer och Konsequenzen op d'Entwécklung vun der Groussregioun. Mat esou Tricken déi europäesch Reegelen vun der Net-Diskriminéierung auszehiewwelen, widderspricht doriwwer eraus dem Solidaritéitsgedanken. Mir kënne nëmmen un d'Regierung appelléieren, sech doriwwer mol méi déifgräifend Gedanken ze maachen.

D'CSL huet an eisen Aen vollkomme Recht, wann se vun der Regierung d'Opstelle vun engem "**Plan de lutte contre la pauvreté et l'exclusion sociale**" fuerdert. Genee wéi am Klimaberäich e Klimaplang opgestallt gouf mat sektoriellen Zieler a Mesüeren, sou muss och am soziale Beräich eng präzis Strategie ausgeschafft ginn.

Béid Erausforderungen verdéngen a verlaangen déi selwescht politech Opmierksamkeet a d'Géigemoossnahmen müssen iwwregens - dat ass eis fest Konviktoun - enk mateneen verbonne ginn. Déi Thematik vun den Energiepräisser ass dofir eng gutt Illustratioun.

Esou engem Plang fir d'Armuttsbekämpfung misst eng präzis Analyse vun der Situatioun virausgoen mat enger Identifikatioun vun de verschiddenen Zielgruppen an den ënnerschiddleche Problemer mat deenen se konfrontéiert sinn. E misst an Zesummenarbecht mat deene wichtigsten Akteuren am soziale Beräich ausgeschafft ginn an

e kloren Timing a kloer Mesüren beinhalten. An natierlech och mat de néideg budgetäre Ressourcen dotéiert ginn.

Eng méi strategesch Approche un de Problem kéint eng vill méi gezielten politesch Aktioun erméiglechen an och deene Betraffenen endlech eng Perspektive ginn.

Ech kann op dëser Plaz net op déi ganz vill Baustellen am soziale Beräich agoen, mä ech wëll der awer e puer kuerz bennenen. Zu deenen Elementer déi eiser Meenung no missten dréngend op de Leescht geholl ginn, ass eng grondleeënd Reform vun der sozialer Inklusiounspolitik an natierlech vum Revis, dee fir eis op ganzer Linn versot huet, eng strukturell Erhéijung vum Mindestloun, d'Afféieren vun enger staatlecher Jobgarantie fir Laangzäitchômeuren, d'Unhiewe vun der Mindest-Pensioun a natierlech eng Logements-Politik déi dëse Numm verdéngt, sou wéi eng Reform vun der Individual-Bestéierung.

Här President,

Zu deene gréisste Versäumnisser vun dëser Koalitioun gehéiert ouni Zweifel hir Onfähegkeet, sech op eng Steierreform ze eenegen.

Mat deem Constat, datt mer an dësem Land e grouse Problem mat der Steiergerechtegkeet hunn, stoung mir al Lénk virun e puer Joer nach zimlech alleng do. Am Walkampf 2018 ware mir praktesch déi eenzeg Partei, déi dat stänneg thématiséiert huet. Emsou méi freet et eis elo, datt de Constat méttlerweil vun ëmmer méi Députéierten heibanne gedeelt gëtt an och vu Experten dobaussen, déi net onbedéngt dem lénke Spektrum zouzeuerdne sinn.

Fir et klipp a kloer ze soen: déi Krokodilstréinen, datt d'Pandemie leider eng déifgräifend Steierreform onméiglech mëscht, hale mir net fir immens glaubhaft. Mir versti schonn, datt een 2020, an enger Situatioun, wou ee net richtig wosst wéi et weidergeet, keng esou strukturell Reforme lancéiere wollt.

Mä naischt hätt verhënnert, datt een d'Arbeschten am Hannergrond weiderlafe gelooss hätt, fir elo, wou ee schonn eng vill besser Siicht op d'Zukunft huet, kënne Neel mat Käpp ze maachen. Donieft brauch een och net zwangsleefeg budgetäre Spillraum dofir. Eng Reform déi virun allem op Steiergerechtegkeet ausgeriicht ass, kann duerchaus akommesneutral konzipéiert sinn.

De Grond, firwat datt an dëser Legislaturperiod keng Steierreform méi soll kommen, gesi mir vill méi an der Onfähegkeet vu Blo-Roud-Gréng, sech op e gemeinsame Nenner ze eenegen. Dat ass als Analyse vläit net immens originell, mä dëss Koalitioun huet einfach kee gemeinsame Geselleschaftsprojert méi. D'Loft ass eraus. Dat heescht dann och, datt elo nach zwee Joer soll weidergewurschtelt ginn - dëse Budget ass iwwregens eng gudd Illustratioun dozou - an datt d'Ongerechtegkeeten op manst bis 2025 weider lafe gelooss ginn.

D'Multi-Millionäre kënne sech also mindest nach 3 weider Joren iwwer e niddrege Spëtzesteiersaz an allméiglech Exonératiounen bei de Kapitalrevenue frëen, während bei de niddregen a méttlere Léin all Index-Upassung zu enger Steiererhéijung féiert.

Dat ass e politeche Choix, fir deen dëss Koalitioun bei de nächste Walen muss riischt stoen.

Zumindest hätt een awer kéinte am Kader vun dësem Budget punktuell Upassunge maachen. Beim Budget d'lescht Joer war do de Niveau un Ambitioun zumindest am Usaz z'erkennen.

Beispill Monoparentaux. 40% vun den Allengerziehenden liewen an der Aarmutt oder si vum Armuttsrisiko betraff a matt hinne natierlech och d'Kanner. Mir kennen dëss Zuele säit Joren. Se si schockant an ech mengen och éierlech, datt se Kengem vun eis hei bannen egal sinn.

An dofir verstinn ech och net, firwat datt ee net zumindest mol de Crédit d'Impôt Monoparentaux nei ausriischt. Mir wëssen alleguerten, datt e net genuch gräift, well de Montant net héisch genuch ass an och zevill schnell erofgeet, well d'Alimente géigegerecht ginn. An zemools och well grad déi e net kréien, déi en am meeschte brauchen, well Leit mat niddregem Akommes ganz oft keng Steiererklärung maachen.

Fir esou dréngend steierlech Mesüeren wéi deen heiten - ech kéint der elo nach ganz vill opzielen - brauch ee kee riisege budgetäre Spillraum an et ass och net immens komplizéiert. Trotzdeem fënnt een esou Mesüeren an dësem Budget net erëm. Well et dofir manifestement keng politesch Volontéit gött vun dëser Regierung.

Här President,

Wann ee vun Armutt a sozialer Exklusioon schwätzt, dann ass den Elefant am Raum natierlech de Logement. Ganz vill Problemer am Land dréinen sech ronderëm déi katastrophal Situatioun um Wunnengsmarché oder hänke direkt an indirekt mat hir zesummen.

D'Wunnengspräisser an de Loyer'en klamme mat enger dramatescher Vitesse, bei deenen d'Salairien an d'Pensioune scho laang net méi matkommen. Tëschent 2009 an 2019 ass de Mindestloun ëm ronn 25% geklommen an den Duerschnëtts-Loyer ëm iwwer 40%. Am selweschten Zäitraum hunn sech d'Wunnengspräisser verdeubelt. D'Rechnung ass schnell gemaach: Hei gi ganz Bevëlkerungsschichten, virun allem déi déi loune mussen, carrément enteegent duerch e Phénomän, deen se net verursaacht hunn an deem se schutzlos ausgesat sinn.

An dësem Budget si méi Moyen'en fir den ëffentleche Wunnengsbau virgesinn. D'Dépenses vum Logements-Fong solle vun 173 Milliounen dëst Joer op 327 Milliounen 2022 baal verdeubelt ginn a laut Pluriannuel och an de nächste Joer op deem Niveau bléiwen. Mir begréissen dat natierlech, sou wéi mir och aner rezent Initiative vum Logementsminister begréisst hunn, déi an déi richteg Richtung ginn.

Mä och eng Verdeublung wëll net vill heeschen, wann den Ausgangspunkt ganz niddreg ass. Laut de Berechnunge vun der Regierung, solle mat deene Moyen'en ongeféier 800 ëffentlech Wunnengen d'Joer entstoen. Dat heescht, datt an deem Rythmus den aktuelle Bedarf vun 30.000 Wunnegen réischt 2060 ofgedeckt wär.

Generell gëllt : Déi zaghaft Schrëtt an déi richteg Richtung vum Logements-Ministère kommen 20 Joer ze spéit. Ufank der 2000er Joren wär ee nach vläit an enger Situatioun gewierscht, wou eng konsequent a kontinuierlech Steigerung vum ëffentleche Wunnengsbau hätt kéinten en Afloss hunn. Elo, nodeems d'Politik dem frëie Marché jorzéngtelaang nogekuckt huet an d'Kand schon am Pëtz léit, wäert den Impakt viraussiiichtlech ganz iwwerschaubar sinn.

Ee Problem ënner villen ass, datt déi ëffentlech Hand beim Bau op de Privatsekteur ugewisen ass. Dir kënnt mat deene Souen aus dem *Fonds Spécial* och nach Bauland kafen, mä iergendwann muss dir déi Terrain'en viabilséieren - an dat geet am Moment just mat Hëllef vu private Baufirmen. Déi Baufirmen, déi an der Reegel och genee déi selwescht sinn, déi de Wunnengsmarché insgesamt beherrschen. Ouni ëffentlech Bau-Gesellschaft kritt dir de Prozentsaz vun ëffentleche Wunnengen net substantiell an d'Luucht. Mir soen dat scho säit Joren.

Mä d'Baue vun ëffentleche Wunnengen geet souwiesou net méi duer. D'Koar stëcht esou déif am Dreck, datt mer just nach mat radikale Mesüeren do erauskommen. A wat méi laang gewaard gëtt, wat d'Koar ëmmer méi déif an den Dreck geréit a wat mer ëmmer méi radikal Mesüre mussen huelen.

D'Regierung muss schnellstens e Paradigmewiessel bei der Besteuerung am Beräich vum Logement alauden an d'Spekulatioun wiirksam ausbremsen. Am Joer 2021 geet et net méi duer, just einfach eng Reform vun der Taxe foncière unzekënnegen, déi da mat vill Chance soll ab 2024 gräifen. D'lescht Joer hate mer op manst nach eng timide Baisse vum Amortissement accéléré. An dësem Budget fehlt do jeglech Mesüre.

An dann zur Situatioun vun deene Persounen, déi musse lounen. Et muss ee keen Hellseher sinn fir ze wëssen, datt d'Zuel vu Locataire wäert an de nächste Joren staark klammen. Dat si net méi just Berufsfänger, déi vorübergehend lounen, bis datt se sech eppes kafe kënnen. Et si ganz Bevëlkerungsschichte, fir déi et scho réng mathematesch onméiglech ass, mat hirem Salaire jeemools un eng eege Wunneng ze kommen.

Dat si wirklech déi Leit, déi vun der Wunnengskris erstéckt ginn. Ze wëssen, dass du däi ganz Liewe muss lounen an datt däin disponibelt Akommes wäert mat all Loyerserhéijung reduzéiert ginn. Ze wëssen, dass du dir keng Kanner ganz erlaaben, well's de hinne keen Zëmmer kanns bezuelen. Dat schafft eng Perspektivlosegkeet déi dramatesch ass.

Mir brauche ganz dréngend en effektive Mieterschutz a virun allem eng sustanziell Reduzéierung vun de Loyeren. Dir hudd jorzéngtelaang d'Propriétaire beschützt a geheemelt, et ass elo endlech Zäit eppes fir d'Locataire ze maachen. Dir kënnt do gären ons Proposition de Loi iwwerhuelen oder och en eegene Virschlag ausschaffen. Mä maacht endlech eppes.

Här President,

E Paradigmewiessel ass och am Beräich vum Ëmweltschutz batter néideg. De Verloscht vu Biodiversitéit an de Klimawandel repräsentéieren eng existentiell Gefoer fir d'Mënschheet an d'Zäit drängt.

D'Landwirtschaft – wuelverstanen net den individuelle Bauer, mä de System, dee vum Staat mat sénger Subventionspolitik gefërdert gëtt – ass den Haaptausléiser vum Verloscht vun Arten an der Verschlechterung vum Zoustand vun de Gewässer. D'Regierung verännert hir Politik awer net a späert d'Bauern weiderhinn an enger wirtschaftlech ewéi ekologesch net méi tragbarer Logik an. D'Strategie an der Landwirtschaft fir den Zäitraum 2023-2027 weist ganz däitlech, dass d'Regierung sech laanscht d'Verantwortung zitt, hire politesche Spillraum net notzt an einfach beim status quo bleift. D'Zil bis 2025 20% Biolandwirtschaft z'erechen wäert esou och net erreecht ginn, mir leien haut ëmmer nach bei ronn 5% Biolandwirtschaft.

De Klimawandel repräsentéiert eng existentiell Gefoer fir d'Mënschheet an d'Zäit drängt. An d'Mënschheet deet sech immens schwéier dorobber eng adequat an effikass Äntwert ze fannen. Firwat? Ma wëll d'Grondprämissen vum kapitalistesche Wirtschaftssystem dem Klima- a Naturschutz diametral géigeniwwer stinn.

Fossil Energieträger am Buedem loossen, d'Ressourcen schounen, de Konsum senken a Flächen der Natur iwwerloossen: Dat alles sinn Moosnahmen déi mat dem Konzept vun der Profit- a Wuesstëmsmaximéierung net vereinbar sinn. Déi Illusioun vum grénge Kapitalismus, déi jo wëllt d'Profittstriben vu privaten Akteuren mat dem Ëmweltschutz verbannen, ass eiser Meenung no vu fir eran zum Scheitern verurdeelt.

Wa grénge Kapitalismus tatsächlech géif funktionéieren, missten hei zu Lëtzebuerg d'CO₂-Emissiounen am fréie Fall sinn. Sinn se awer net. Et ass éischer dovunner auszegoen, dass se ab dësem an nächstem Joer erëm wäerte klammen.

Wat awer da nach eng Kéier zousätzlech Uelleg an d'Feier géisst, ass wann de grénge Kapitalismus dann och nach déi bestehend Inegalitéiten tëscht de Biergerinnen a Bierger verschärft an de Gruen tëscht Aarm a Räich verdéiwt. All Initiative am Klimaschutz, déi iwwert Subsidien an indirekt Steieren lafen, hëllef denene déi eppes hunn a bestrofen déi, déi naischt hunn. An dat ass tatsächlech d'Häerzstück vun der Klimapolitik vun dëser Regierung.

Mir verstinn de Raisonement vun der Regierung mat der CO₂-Steier. Mir halen se awer trotzdem fir kontraproduktiv. Fir d'éischt menge mir, datt de Crédit d'Impôt als sozial Offierderung ongenügend ass, emsou méi wann e net lafend ugepasst gëtt. Mä dee Problem kéint ee mat e bësse gudde Wëlle nach behiewen.

Déi eigentlech Schwachstell léit tëscht anescht. Fir datt déi Steier tatsächlech eng Lenkwirkung huet, sou wéi dat vun der Regierung geduecht ass, muss se an de Porte-Monnaie schloen. A well se bei Geréngverdenger méi an de Porte-Monnaie schléit, agéiert déi potentiell Lenkwirkung vun der CO₂-Steier virun allem bei deene niddregen Akkomes, während d'Lenkwirkung bei deenen ganz héijen Akkomes géint Null tendéiert.

D'Geréngverdénge sinn awer net déi, déi am meeschten Emissiounen produzéieren an se sinn och net déi, déi hir Emissiounen nach vill kënnen no ënnen drécken. Deene Mënschen hir Emissiounen sinn aktuell net kompressibel. Ëmgedréit ginn déi, déi am meeschten Emissiounen produzéieren an och eigentlech déi néideg Viraussetzungen hunn, hir Emissiounen effektiv a massiv ze drécken, am Mansten vun der CO₂-Steier ënner Drock gesat.

D'Resultat ass, datt een domadder déi sozio-ökonomesch Inegalitéiten verschärft ouni eng entscheidend Wierkung op d'Emissiounen ze hunn. An datt een zousätzlech nach staarke Widderstand géint de Klimaschutz an der Bevëlkerung provozéiert. A wann dir déi Steier net wëllt grondsätzlech a Fro stellen, dann huet se op manst an den Index op, sou wéi mir dat schonn e puer Mol gefuerdert hunn.

Mä zrëck zu de Budgetsdépensen. Wat steet dann elo am Staatsbudget a Saache Klimaschutz?

Wann ee sech de Klimafong ukuckt, da muss ee mol fir d'éischt festhalen, datt seng Avoir'en iwwert Joren ëmmer weider geklomme sinn. 2013 waren 366 Milliounen am Fong, Ufank 2021 knapp 750 Milliounen. An anere Wieder : während d'Bekämpfung vun der Klimakris international zu enger absoluter Prioritéit ginn ass, huet eis Regierung déi dofir virgesinne Moyën'en wéi an enger Spuerbécks gesammelt.

Elo, wou mer scho baal mam Réck widdert der Mauer stinn, huet se dann endlech décidéiert, déi Suen och ze notzen an an de nächste Joren déi Avoir'en ofzebauen. Mol kucken, ob hir dat och geléngt, well dat ass alles anescht wéi sécher. Vun deenen 262 Milliounen un Ausgaben, déi de Fong viraussichtlech soll 2022 maachen, sinn 126 Milliounen virgesinn fir national Mesüeren an 80 Milliounen fir international Mesüeren.

Obwuel bei de nationale Mesüeren nach ëmmer de Gros an äusserst kritikabel Subventiounen a Primme gestach ginn, erkenne mer awer och duerchaus d'Volontéit vum Ëmweltministère, méi an d'Produktioun vun Erneuerbaren Energien z'investéieren. Op deem Posten sinn amplaz 7 Milliounen fir d'nächst Joer 30 Milliounen virgesinn. Mä eng Energietransitioun wäert ee mat deene Montant'en sécher net hikréien.

Et ass scho richtig, datt een d'Klimapolitik vun der Regierung net kann alleng op d'Ausgabe vum Klimafong reduzéieren. Et muss een all d'Investitiounen vum Staat kucken, och wann do net ëmmer richtig z'erkennen ass, wat dann elo tatsächlech Klimapolitik ass a wat net.

Do spillen eran : d'Dépensen vum Klimafong, vum Ëmweltfong, vum Fonds de Rail, vun Deeler vum Fonds de Route an Dépensen vun eenzelne Ministère. Mir hunn aggrégéiert Zuelen, déi d'Regierung ouni Détail avancéiert, Zuelen déi am PNEC genannt ginn an Zuelen déi am Kader vun deem ESG-Emprunt kommunizéiert ginn. A wann een duerno wëll novollzéien, wat dovunner ëmgesat gouf, geschweige dann wat déi eenzel Deeler tatsächlech un Emissiounen agespuert hunn, dann ass ee komplett verluer.

D'CSL weist do mam Fanger effektiv op déi richtig Plaz. Well dat alles schafft Verwirrung a mëscht, datt déi einfach Biergerinnen a Bierger net méi wësse, wat se sollen vun der

nationaler Klimapolitik halen. Déi Eng reegen sech doriwwer op, datt angeblech phénoménaal Zommen an de Klimaschutz ginn, déi awer esou nie fléissen. An déi Aner reegen sech doriwwer op, datt alles just Greenwashing ass an datt d'Regierung naischt mëscht.

Mir géifen alleguerten dorunner gewannen, wa mer hei méi Klorheet hätten. Et ass e kruziaalt Thema, dofir muss een Transparenz schafen fir den ëffentlechen Debat ronderëm de Klimaschutz ob eng méi objektiv Basis ze stellen.

Fir eis béift bei der Lektüre vun dësem Budget awer kloer, datt d'Regierung den Eescht vun der Klimakris nach ëmmer net wëllt wouer huelen. Fir eis bléift och de Constat valabel, datt d'Regierung nach ëmmer net seng Verantwortung wëllt iwwerhuelen an nach ëmmer de Kampf géint de Klimawandel als individuell Responsabilitéit gesäit a net als kollektiv Aufgab.

Mir géifen eis zum Besipill wënschen, datt d'Regierung déi energetesch Renovatioun mol endlech géif staatlech organiséieren. Der Regierung dämmert sou lues a lues, dass hir Politik an deem Beräich versot huet, mä déi ugekënnegt Reformen ginn eis do net wäit genuch. Mir wäerten als déi Lénk bei dësem Thema weider um Ball bleiwen a Virschléi maachen, déi d'Energieaspuerung mat der sozialer Fro verbannen.

Mir géifen eis och wënschen, datt net just d'Photovoltaik bei Privathaiser subventionéiert gëtt, mä datt och de Staat op all séngen Diecher esou Anlagen installéiert. An datt d'Produktioun an d'Distributioun vun der Energie iwwerhaupt zrëck un déi ëffentlech Hand geet.

Mir géifen eis zemoos och wënschen, datt **all** d'Ministèren de Klimaschutz als eng transversal Prioritéit ugesinn. Well a Saache Politikkohärenz fir de Klimaschutz ass nach onendlech vill Sputt no uewen.

Datt d'Regierung déi ëffentlech Investitiounen generell ganz héisch hält, begrëisse mir natierlech voll ganz. Onofhängeg vun der konjunktureller Situatioun muss ee jo och feststellen, datt mir do een enorme Nohuelbedarf hunn.

Ähnlech wéi beim Klimafong sollen och bei deenen anere Fongen d'Reserven ofgebaut ginn. Och dat begrëisse mir, well de Staat ass jo kee Spuerveräin. Seng Zukunft léit a séngen Investitiounen vun haut. Déi Projektione vun Dépensen sinn awer aus Erfahrung ze relativiséieren, well se jo generell ëmmer zevill héisch ageschätzt ginn par rapport zu deem, wat duerno och tatsächlech réalisiert gëtt.

Feststelle muss en awer och, datt mat dësem Budget ganz wéineg transnational Investitiounen getäteg ginn. Dat ass zwar net nei, et kann een et awer trotzdeem bedauern. Virun allem bei de Verkéiersinfrastrukturen ass dat e groust Versäumniss, mä och an anere Beräicher kéint ee wichteg Synergie mat de Nopeschregiounen schafen. Notamment misst Lëtzebuerg déi ugrenzend Gemengen am noen Ausland méi proaktiv ënnerstëtzen. Dorunner huet jidferen en Intérêt, och d'Mënschen hei am Land. An dat géif déi "Coquille Vide" vun der Groussregioun och mol e bësse mat Inhalt fëllen.

Här President,

Wann een iwwert Investitiounen schwätzt, komme mir als Lénk natierlech net derlaanscht fir iwwert déi onsäglech a stänneg steigend Militärausgaben ze schwätzen.

Och hei huet een am Budgetsentwurf jo keng wirklech Transparenz, well do schlussendlech allméiglech Ausgaben zesumme gerechent ginn. Wahrscheinlech wäert de Militärbudget 2022 awer 450 Milliounen Euro iwwerklammen. Als Rappel - 2014 wou déi heiten 3-Koalitioun ugetruede war - lounge mer ongeféier bei 200 Milliounen.

Et ass schonn erstaunlech, wéi einfach ee kann am Staatsbudget Honnerte vu Milliounen fannen, wann de néidege politesche Wëllen do ass. Säit Ufank vun der Pandemie goufen hei am Parlament militäresch Uschafungen vu ronn 1,5 Milliarden Euro votéiert. Wat eis awer am Meeschte schockéiert, ass, datt et fir déi riiseg Budgetsausgaben keng Zielsetzung oder Rechtfertigung gëtt an datt se *in fine* och nach kontraproduktiv sinn.

Mir als Lénk sinn net der Meenung, datt een d'Veerteidungsausgaben soll op Null erofsetzen. Dofir kenne mir d'Geschicht vill ze gutt. Mä mir sinn fir eng Verteidigungspolitik, déi dee Numm och verdénkt : nämlech eng Politik déi ausschliesslech op d'Veerteidigung vum europäeschen Territoire ausgeriicht ass. An deementspreechend dann och mat engem Verteidigungsbudget ausgestattet ass, deen eenzeg an alleng un dësem Ziel ausgeriicht ass.

Mir lehnen all Form vu militäreschem Interventionismus of, mat der Ausnahm villäicht vu Blohelm-Fridensmissiounen ënnert der Autoritéit vun de Vereente Natiounen. Desweiteren lehne mir vehement déi aktuell Oprëschtungspolitik of, dat heescht déi kontinuierlech a rasant Steigerung vun de Militärausgaben, déi als eenzeg Resultat huet, datt aner Natiounen a Regiounen och wäerten massiv oprëschten. Méi sécher gëtt d'Welt domadder net - Verlérer si mer alleguerten. Obwuel, et gëtt net just Verlérer, mä och Gewënner. Nämlech d'Aktionäre vun de Rüstungskonzerner.

Déi aktuell Politik ass absurd. D'NATO erfënnt oder exagéiert Bedrohungspotentialer fir hir eegen Existenz an d'Oprëschtung ze justifiéieren.

Och d'EU-Politik an deem Beräich ass net op Verteidigung ausgeriicht, mä op den Opbau vun Interventiouns-Kapazitéiten. Et geet drëms, mat Militärasätz op anere Kontinenter wirtschaftlech Interessen duerchzusetzen.

Ech zitieren an deem Kontext d'Kommissiounspräsidentin Von der Leyen am rezenten "Etat de l'Union" :

"Man kann die am weitesten entwickelten Streitkräfte der Welt haben – doch wenn man nie bereit ist, sie einzusetzen – wozu sind sie dann gut? Was uns bisher zurückgehalten hat, sind nicht nur fehlende Kapazitäten – es fehlt auch der politische Wille."

Dat ass keng Verteidigungspolitik. Dat ass eng imperialistesche Militärpolitik. An dëss Regierung riicht eis Arméi genee dorobber aus. Dat lehne mir kategoresch of. An zu Recht, wann ee kuckt wéi ee mënschleche Misère dat an der Reegel verursaacht.

Ween d'Welt wirklech méi sécher wëll maachen, deen investéiert an d'Entwécklungszesummenarbecht, an d'Bekämpfung vum Klimawandel, an den Ëmweltschutz oder an d'Veereente Natiounen. Net a Spionagesatelliten an Tankfligeren.

Här President,

Als leschte Punkt wéilt ech nach d'Gesondheetpolitik uschwätzen. Berechteterweis steet am Moment alles am Zeechen vun der Covid-Pandemie. Mä dat soll een awer net drunn hënneren, och déi strukturell Froen vun der Santé insgesamt am An ze bahalen. An do gesi mir awer e ganze Koup Feelentwécklungen.

Et ass kee Geheimnis, datt déi kapitalistesche Akteuren d'Gesondheet scho méi laang als Profit-Geschäft am Viséier hunn. Bis zu 20.000 Milliarden schwéier soll dat Geschäft mat der Gesondheet weltwäit laut OCDE sinn. A vum Appetit vu privaten Akteuren ass och Lëtzebuerg net geschützt.

"Gesondheetdësch" nennt sech déi nei pseudo-demokratesch Struktur, déi jo *d'Conférence nationale de Santé* ersat huet an déi soll de neien *Plan hospitalier* ausschaffen a begleeden. Am Géigesaz zu der Virgänger-Struktur präsidéiert hei net méi déi demokratesch légitiméiert Gesondheetministerin d'Aarbechten, mä d'AMMD, d'Associatioun vun de liberalen Dokteren.

Hei gëtt da vun der AMMD a matt Hëllef vu private Consulting-Firmen un enger neier nationaler Gesondheetspolitik gebastelt, an - ënnert dem Stëchwuert vum "Virage ambulatoire" - un enger Kommerzialiséierung a Privatiséierung vun der Gesondheetversuergung. Transparenz an demokratesch Kontroll ass net erwünscht. D'Ëffentlechkeet muss waarden, bis se op eemol mat den Ergebnissen konfrontéiert gëtt.

Envisagéiert gëtt beispillsweis eng Auslagerung vun deene lukrativen Servisser un Privatakteuren, wat déi ëffentlech Strukture wäert ausbludde loossen. Déiert medizinescht Material soll mat ëffentleche Gelder vu private Kabinetten kënnen ugeschafft ginn, ouni datt duerno eng effektiv Kontroll iwwert d'Utilisatioun virgesinn ass. Dat kéint dann - e bëssen zouespëtzt - dozou féieren, datt fir all kleng Bobo en RMN gemaach gëtt, mat Rechnung un d'Gesondheetsschees a schéine Margen fir de private Kabinet.

Insgesamt sinn eng hallef Doze Modeller an deem faméise Gesondheetdësch am Gespréich an alleguerten ginn se an déi selwescht Richtung.

Mir als Lénk sinn och dofir, datt ee no Wéier sicht, fir datt manner Gesondheetproblemer müssen an de Spidäler behandelt ginn. Mä mir wäerten eis mat Hänn a Féiss géint all Form vu Kommerzialisatioun a Privatiséierung vun eisem ëffentlecher Gesondheetversuergung wieren.

Alternative ginn et. Et brauch ee just bei eise belsche Noperen ze kucken, wou kleng regional Gesondheetszentren, déi ëffentlech geréiert sinn, zu ganz positiven Resultater gefouert hunn. Net just fir Urgenzen, wéi dat bei eise "Maisons médicales" de Fall ass, mä mat enger

pluridisziplinärer Betréiung, wou een dann och nieft Généralisten kann e Psychologue oder e Kinésithérapeut fannen. Kleng regional Strukturen, déi no bei de Leit sinn, an déi och déi präventiv Medizin endelch kënne weiderbréngen.

Sou Modeller ginn awer am Gesondheetsdësch natierlech net diskutéiert. Wéi och, wann ee wees datt do déi ultraliberal AMMD d'Hand drop huet. Wéi grouss hiren Afloss ass, huet ee jo bei der Diskussioun ëm den Tiers payant gesinn.

Während der Pandemie gouf hei vun all Partei ëmmer erëm betount, wéi frou datt mer sinn, datt mer e funktionéierenden öffentleche Gesondheetssystem hunn. Hannert de Kulisse lafen awer Entwécklungen, déi genee dat wëlle zerstéieren.

Här Präsident,

Säit dem Fréijoer 2020 kämpfe mir mat der Covid-Pandemie, déi bis elo bal 900 Persounen d'Liewe kascht huet a bei Dausende Leit zu schlëmme gesondheetleche Problemer gefouert huet. Eist Gesondheetspersonal steet säit dem Ufank ënnert grousem Drock a vill politesch Energie huet missten an de Kampf géint de Virus gestach ginn an och vill budgetär Moyer'ën. Et ass eng aussergewöhnlech Situatioun, déi eis alleguerte vill ofverlaangt.

Mä mir däerfen als Politiker an och als Biergerinnen a Bierger nie vergiessen, datt dat net déi eenzeg Erausforderung ass, mat där mir konfrontéiert sinn. Fir ganz vill Leit hei am Land ass Covid just eng weider Suerg, déi sech zu villen anere Suergen derzou gesellt.

De Premier Xavier Bettel huet a sengem Etat de la Nation gesot, datt d'Erausforderungen ronderëm de Klimawandel, déi héich Wunnengspräisser a sozial Problemer ëmmer méi akut ginn. En huet gesot, datt mer mussen d'Léieren aus der Pandemie zéien, datt mer musse nei Wéer goen.

Et huet baal geklunge wéi e Plagiat vun der Analyse, déi mir als déi Lénk säit ville Joer maachen. Mä beim Premier war dat manifestement just e lockere Kommunikatiouns-Exercice mat eidel Floskelen.

Well u séngen Uspréch gemooss, ass dëse Budget 2022 ganz wäit ewech vun deem, wat et brauch.